N°3203
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3203 vum 18. November 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Verkéierssécherheet op der Lonkecher Strooss N5 a der Gemeng Péiteng.

Huet d'Gemeng Péiteng mëttlerweil eng Reunioun mam Mobilitéitsministère betreffend der Verkéiersberouegung op der N5 ugefrot?
Falls jo, wéini war d'Reunioun?

Am Kader vun der regionaler Verkéiersetüd am Raum Kordall, gesinn déi betraffe Gemengen, dorënner och d'Gemeng Péiteng, sech a reegelméissegen Ofstänn mat menge Mataarbechter*innen an de zoustännege Verwaltungen.

An dëse gemeinsame Reunioune ginn dann all méiglech Sujeten an Iddie bezüglech der Mobilitéit an där Regioun, dorënner falen dann och Verkéiersberouegungen, behandelt a beschwat.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes